PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 OCT. 2019
1391

Lëtzebuerg, den 24/10/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.**

No enger Testphas vu 4 Joer wäert Enn 2019 den *Dossier de soins partagé* (DSP) duerch d'Agence eSanté generaliséiert ginn.

D'Ëmstellung vum Dossier geschitt iwwert de sougenannten opt-in. Dat heescht, dass an enger éischter Phase automatesch all déi Persounen, déi bei der CNS versëchert sinn, an den neie System ageglíddert ginn. Déi Leit, déi keen DSP wëllen, musse selwer d'Demarchen ënnerhuelen, fir dësen zouzemaachen.

Fir de Patienten de Choix ze loossen, ob fir si en DSP sollt ugeluecht ginn oder net, revendiquéiere verschidden Organisatiounen aktuell, dass eng opt-out-Prozedur virzezéie wier. Dann géifen nämlech just déi Persounen en DSP kréien, déi explizit een ufroen, wärend sech fir all déi aner Léit näischt ännere géif.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung een ageschriwwene Bréif un all d'Patienten erauszeschécken, fir hinnen d'Prozedur vum opt-in ze erklären?
   Falls net: Wéi wäerten d'Ministere sécherstellen, dass déi Concernéiert iwwert d'Erstellung vun hirem DSP Bescheed wëssen?

2. Wäerten déi zoustänneg Ministere mat der Aféierung vum generaliséierten DSP waarden, bis all déi Concernéiert d'Informatioun, dass hiren DSP erstallt gouf, kritt hunn?

3. Wéi wäert d'Procédure de recours ausgesinn, fir d'Persounen, déi hiren DSP zou maache wëllen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 25 octobre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1391 du 24.10.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Dossier de soins partagé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Vice-Président de la Chambre des Députés